

# Juni 2005 N° 11



## Fäschber Gemeengeblatt



## Virwuert

Et gouf viru Joren eng Radios-Emissioun vun der Amiperas mam « Gerr » Schlechter: “Wéi d'Zäit vergeet“!

Beim Schreiwen vun dësen Zeilen hun ech mech dees erënnert, well vum leschte Gemengeblatt bis haut s'ech schon nees 6 Méint vergaang.

Dat ass de Moment fir e klengen Réck- an Ausbléck ze man.

- Den 10. Januar war et den Doud vun eiser veréierter Grande-Duchesse Joséphine Charlotte. Mir Fëschbecher s'ech do vläicht méi beréiert wéi anerer, hu mir dach säit Jorzéngten eng apaart Relation mat eisem Herrscherhaus.

- An all deene Méint bis haut, ass d'Aarbecht dem Gemengerot och net ausgaang; et war vill ze dinn an et bleift nach vill ze dinn.

- Den Thema vun der Stonn ass den Ofschloss vun den Aarbechten vun eisem Polyvalenten Center op der Schéisser Héicht.

Trotz Verschleefungen an Iwwerraschungen, si mer dann elo endlech um Zil ukomm.

All Miwwel ass bestallt, an esou ass de Bau an e puer Wochen fir déi kommend Veräinsfester a kulturell Manifestatiounen geriicht.

- D'Erneuerung vun der Rollengerstrooss zu Schouss ass voll an der Aarbecht. Am Moment ass et een eenzegen Verkéierschaos; an als Troust duerfir, soll een deen definitive Projet virun An hunn.

- D'Pläng fir d'Restauratioun vun der aler Schéisser Duerfschoul, fir de Club des Jeunes aus der Gemeng, waarden drop, dem Gemengerot ënnerbreet ze ginn.

- De Kontrakt mat eisem Architekten- an Urbanistebüro, fir den neien Gemengebebauungsplang (scho seit Joeren iwwerfällg) ass sou gutt wéi fäerdeg fir déi géigensäiteg Ënnerschrëften.

- A propos Drénkwasser, (Liewensqualitéit N°1)

D'Analysen no der Chloréierung am Januar hunn erginn, dat eist Drénkwaasser an engem Zoustand ass, dee keng weider urgent Interventioun verlangt huet. Duerfir fänkt d'Entreprise „Wester-Wassertechnik“ ugangs Juni réischt un, mat dem ugekënnegten Botzen an Désinfizéieren vum gesamte System : Pëtzen; Leitungen a Basengen.

No deenen Aarbechten ginn dann nees Analysen gemaach.

Iwwert de Stand vun den Aarbechten an de Resultater vun den Analysen gitt Dir gesonnert informéiert.

- Vun der Wasserverwaltung hu mer recommandéiert kritt, eis ëm een zweet Standbeen ze beméien, fir d'Sécherheet vun der Drénkwasserversuergung ze garantéieren. Dat ass kee Projet, deen op déi ganz laang Bänk gehéiert. Och wann et Jorzéngte laang gutt gong, wat wir schlimmer, ass wéi nieft Drénkwasser zekommen.

- Mir leeën elo an Zesummenaarbecht mat der Post an engem gemeinsame Gruef eng Leitung fir Drénkwaasser, vu Kéideng iwwer Weyer bis op Stuppicht, well sou gënschteg kréie mer déi Leitung ni méi an de Buedem.

- A propos Précosse: Fir d'Schouljoer 2005/2006 duerfen eis Kanner nach op Miersch goen, et s'ech hirer 3 (!!); dat Joer duerno 8.(!) Sou ass et dann dem Gemengerot am Laf vum Joer méiglech a Rou an ouni Hektik d' Schafen vun engem eegene Précosse ze plangen fir d'Schouljoer 2006/2007.

- A Propos Piscine :Vun deenen 3 FILANO-Gemengen, ass aus ékologeschen Iwwerleeungen eraus, décidéiert ginn, fir eng Holzhackschnitzelanlag fir d'Hëtzen vum Waasser ze installéieren.D'Piscine gëtt niewt der Sportshal opgeriicht, dat an der Partnerschaft mat 6 anerem Gemengen. An et sief hei präziséiert, datt déi nei Schwämm fir déi respektiv Schoule geduecht ass.

- Dann dat neit Alters- a Pfllegeheem vu Jonglënster: No engem joerelangen hin an hier, ob, oder ob net, war dann elo endlech dach den 11. Mee den 1. Spuetestéch (et war echt e Spuet, an nach net de Bagger).

Un deem Projet ass och eis Gemeng finanziell mat 2 Better bedeelegt, souguer wa mer an der Zeitung beim Opzielen vun den Nopeschgemengen net derbäi waren; dat mécht dann zesummen mat eisen 3 Better am Home St. Joseph zu Miersch, 5 Better fir eis eeler Matmënschen.



- Iwwert de Leader + Möllerdall ass och virgesinn, eng Internet-Stuff hei bei eis ze schafen.

- Dann déi vill kleng Problemer méi oder wéiniger virun dem Eenzelnen senger Hausdir, kënnen net all opgezielt ginn, awer si gehéieren och derzou a verlangen geléisst zegin.

- Awer d' Erausfuerderung vun der Zukunft ass ganz secher d'Recht vum Bierger, och aus der klenger Gemeng, op qualifizéiert Déngschtleeschungen vu Gemengesäit. Eis Gesellschaft huet nun eemol évoluéiert, souwuel wirtschaftlech wéi soziologesch, ganz égal op Vereenzelter dat nu wëlle wouer hun oder net.

Zum Beispill d'Schoulen:

Niewt dem gesetzlech virgeschriwwenen Schoulunterricht, deen all Gemeng offréieren muss, mecht et och Sënn, Opfangstrukturen fir d'Kanner z'offrén.

An et gehéiert zu den Aufgaben vun de Gemengen sech ze beméien an ze kucken wéi se dat hikréien.

Déi eenzel a kleng Gemeng kann awer net all Infrastrukturen fir sech hunn dat ass finanziell a fonctionell net ze packen.

Wärt Matbiergerinnen a Matbierger, Dir hut e Recht drop ze wëssen, wéi eise Gemengeportmonnaie ausgesäit.

Mir hunn all Joer 1,7 Milliounen Euro gewéinlech Recetten;

An déi setzen sech zesummen aus 19.000 Euro Gemengegrondsteuer, 400.000 Euro Gewerbesteuer an 1.025.000 Euro „Dotation de l'Etat“

Do dergéint stinn Joer fir Joer 1,3 Milliounen Euro Ausgaben (Tendenz no uwen) am gewéinlechen Budget.

Grouss Projeten sënn nëmmen iwwert de Wee vu Prêten méiglech (dat war och schon esou an der Vergaangenheet, an ass an aneren Gemengen net anescht). Awer d'Gréisst vum Prêt, dee staatlech toleréiert muss ginn, hänkt of vun deem wat am Budget uewe Rescht bleift, (an do leien d'Ënnerscheder). Déi Kontroll ass néideg, fir datt d'Gemengen sech net iwwer Generatiounen eraus verschëlden.

- D'finanziell Hëllef vum Staat ënnerstëtzt prioritär déi effizient a rentabel Projeten, interkommunaler an souguer regionaler Natur.

Déi kleng Gemengen müssen duerfir ëmmer méi enk zesummeschaffen an zesummeplangen fir esou gemeinsam, rentabel Projeten a Servicer ze réaliséieren.

- Et soll och weidere Wunnraum an den Dierfer geschafe ginn; awer kontrolléiert, fir d'Identitéit vun eise ländleche Raum ze erhalen; dat duerfe mer net opginn. Wann eis Dierfer awer net wuessen, ass déi Zäit viraus ze gesinn wou mer dann éischter ee Schoulsall zouspären wéi ee bäibauen.

- Dir stellt fest Dir léif Leit, Aarbecht, Iwwerleeën a Plangen ginn dem Gemengerot och an der Zukunft net aus. (d'Geld schon éischter.)

All déi nei intresséiert Kandidatinnen a Kandidaten fir déi kommend Gemengewahlen solle wëssen, dat niewt vill Courage, guddem Wëll, Iddien an Engagement, en enormen Zäitopwand gefrot sënn, well d'Problemer huelen zou, net eleng zueleméisseg, mais virun allem an hirer Komplexitéit.

An engem Gemengerot sën bedeit méi, wéi just derbäi ze sën.

Well eis Biergerinnen a Bierger hunn ee Recht drop, datt hir Gemegevertrieder, iwwerluecht a sérieux Aarbecht maachen fir eng nohalteg Liewensqualitéit ze garantéieren.

Charles Thilgen, Buergermeeschter

Seite 1: Schéine Viirgaard zu Angelsbiarg	Seite 15: Kannerfuesbal
Seite 2: Virwuert	Seite 16: Spuerveräin On Tour
Seite 3: Virwuert & Inhaltsverzeichnis	Seite 17: Spuerveräin On Tour
Seite 4: Groussherzoglechen Haff	Seite 18: Kommionsfeier
Seite 5: Séances communales	Seite 19: Kommionsfeier
Seite 6: Séances communales	Seite 20: Hobby-Seite
Seite 7: Séances communales & Etat Civil	Seite 21: Hobby-Seite
Seite 8: Fiesta de las Culturas	Seite 22: Run fot Fun / Entente
Seite 9: Fiesta de las Culturas	Seite 23: Des Rätsels Lösung
Seite 10: FILANO	Seite 24: Hall Polyvalent
Seite 11: Grouss Botz	Seite 25: 1. Mee Wüchtelcher
Seite 12: Veräiner	Seite 26: Elterenvereenegung
Seite 13: Veräiner	Seite 27: Elterenvereenegung
Seite 14: Klibberkanner	Seite 28: Buchviirstellung



*Luxembourg, mars 2005*

*Nous vous remercions de tout cœur pour le généreux don au profit de la Croix-Rouge luxembourgeoise ainsi que pour les marques de sympathie et de compassion que vous nous avez adressées à l'occasion du décès de notre chère épouse et mère.*

*Grand-Duc de Luxembourg*



Lëtzebuerg, den 16. Abrëll 2005

*Hier Theilgen,*

Är léif Wësch déi dir mir am Numm vum  
Scheffen a Gemengerot souwéi der Populatioun vun der  
Gemeng Fëschbech fir mein 50<sup>ten</sup> Gebuertsdag präsentéiert  
hutt, hu mir vill Freed gemaach an ech soen Iech villmools  
Merci.



## Procès-verbal de la réunion du conseil communal du 15 décembre 2004

Présent: MM/Mme Thilgen, Pletschet, Tholl, Braun R, Kraus, Karier, Kolber

Absent: MM.

1) Le conseil décide d'allouer les subsides ordinaires aux associations locales suivantes:

Sapeurs-pompiers de la commune de Fischbach	1.120 €
Chorale Angelsberg	500 €
Chorale Fischbach	500 €
ACFL Fraen a Mammem	375 €
Wiichtelcher	125 €
Maarkollefen	125 €
Gaard an Heem	375 €
Club des Jeunes	375 €
Amiperas	500 €
Theaterverein	375 €
Association des Parents d'Elèves	375 €
Total:	4.745 €

2) Le bourgmestre Charles Thilgen est nommé au poste de délégué dans le comité de pilotage du projet régional « Internetstufen » (Leader+ Müllerthal)

3) Le conseil communal refixe avec effet au 1.1.2005 les taxes à percevoir sur la collecte des déchets, à savoir :

Poubelle de 60 ltr	145,13 EUR/an
Poubelle de 80 ltr	169,88 EUR/an
Poubelle de 120 ltr	219,38 EUR/an
Poubelle de 240 ltr	370,13 EUR/an
Dispense pour les ménages ou immeubles normalement desservis	128,25 EUR/an
Fourniture, enlèvement et compactage sac en plastique	3,40 EUR/sac
Enlèvement des déchets encombrants par m3	39,40 EUR/m3

4) Le budget rectifié de l'Office Social pour 2004 est approuvé comme suit :

	Montants votés par le Conseil Communal		Montants fixés par le Ministre	
	Ordinaire	Extraordinaire	Ordinaire	Extraordinaire
Total des recettes	5.350,00			
Total des dépenses	9.050,00			
Boni propre à l'exercice				
Mali propre à l'exercice	-3.700,00			
Boni du compte de 2003	7.345,19			
Mali du compte de 2003				
Boni général	3.645,19			
Mali général				
Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire	-,00	+,00		
Boni présumé fin 2004	3.645,19			
Mali présumé fin 2004				

5) Le budget 2005 de l'Office social est approuvé comme suit:



	Montants votés par le Conseil Communal		Montants fixés par le Ministre	
	Ordinaire	Extraordinaire	Ordinaire	Extraordinaire
Total des recettes	9.154,81			
Total des dépenses	12.800,00			
Boni propre à l'exercice				
Mali propre à l'exercice	-3.645,19			
Boni présumé fin 2004	3.645,19			
Mali présumé fin 2004				
Boni général				
Mali général				
Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire	-,00	+,00		
Boni définitif 2005				
Mali définitif 2005				

6) Le conseil communal nomme le sieur Hubert KIES, demeurant à Angelsberg comme membre de l'Office Social pour une nouvelle période de 5 ans.

7) Le budget communal rectifié de l'exercice 2004 est approuvé à l'unanimité des membres du conseil communal:

	Montants votés par le Conseil Communal		Montants fixés par le Ministre	
	Ordinaire	Extraordinaire	Ordinaire	Extraordinaire
Total des recettes	1.720.786,20			
Total des dépenses	1.296.081,90			
Boni propre à l'exercice	424.704,30			
Mali propre à l'exercice		-1.449.141,24		
Boni du compte de 2003	1.217.742,29			
Mali du compte de 2003				
Boni général	1.642.446,59			
Mali général		-1.449.141,24		
Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire	-,00	+,00		
	1.449.141,24	1.449.141,24		
Boni présumé fin 2004	193.305,35			
Mali présumé fin 2004				

8) Le budget de l'exercice 2005 est approuvé à l'unanimité des membres du conseil communal:

	Montants votés par le Conseil Communal		Montants fixés par le Ministre	
	Ordinaire	Extraordinaire	Ordinaire	Extraordinaire
Total des recettes	1.921.300,00	1.050.742,66		
Total des dépenses	1.463.049,81	1.581.732,00		
Boni propre à l'exercice	458.250,19			
Mali propre à l'exercice		-530.989,34		
Boni présumé fin 2004	193.305,35			
Mali présumé fin 2004				
Boni général	651.555,54			
Mali général		-530.989,34		
Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire	-,00	+,00		
	530.989,34	530.989,34		
Boni définitif 2005	120.566,20			
Mali définitif 2005				



## Procès-verbal de la réunion du conseil communal du 15 mars 2005

Présent: MM/Mme Thilgen, Pletschet, Tholl, Braun R, Kraus, Karier, Kolber  
Absent: MM.

9) Le conseil vote un crédit supplémentaire au montant de 60.000 EUR pour exécuter les travaux de remplacement d'une canalisation d'eaux superficielles derrière les établissements Groupe De Verband 8, rue de Mersch à Angelsberg.

10) Les taux communaux de l'impôt foncier et commercial pour l'année 2006 sont fixés comme suit :

1) impôt foncier A: propriétés agricoles et forestières: 320%

2) impôt foncier B: immeubles bâtis et non bâtis:

impôt foncier B1: constructions commerciales: 450%

impôt foncier B3: construction à usage mixte et places à bâtir 320%

impôt foncier B4: maisons unifamiliales, maison de rapport et constructions à autre usage: 165%

3) impôt commercial : 300%

\*\*\*\*\*

De Club des Jeunes  
huet d'Buerg gebrannt.



## Todesfälle 2004

09.01.

Weis Emile, Angelsberg

13.02.

Faber-Lippert Josephine, Fischbach

05.04.

Hansen-Bock Catherine, Fischbach

21.08.

Da Silva Goncalves Maria, Angelsberg

23.08.

Kleinbauer-Ries Franziska, Fischbach

02.09.

Tholl Jean, Angelsberg

29.10.

Diffels Joseph, Waimes (B)

## Geburten 2004

12.01: Schaeffer Gina, Fischbach.

29.01: Weissen Luca, Angelsberg.

04.02: Reding Mara, Angelsberg.

16.02: Zeimes Jim, Fischbach.

18.03: Pütz Laurie, Schoos.

19.03: Lehn Lynn, Angelsberg.

05.05: Georges Inès, Angelsberg.

14.06: Antunes Levi, Angelsberg.

14.06: Zirnheld Emilie, Fischbach.

14.06: Zirnheld Julie, Fischbach.

06.12: Daems Julie, Schoos

## Hochzeiten 2004

23.03: Schenten Marianne & Braas  
Joseph, Angelsberg.

02.04: Hoffmann Caroline & Gantenbein  
Jean-Pierre, Angelsberg.

09.04: Dinis Mourao Georgeta & Schulte  
Christian, Angelsberg.

16.07: Loewen Nadine & Robinet  
Claude, Schoos.

20.08: Kraus Marie-Louise & Lamberty  
Romain, Fischbach.

16.09: Ahlemann Marie-France & Adam  
Nicolas, Schoos.



# Fiesta de las Culturas

6 März 2005 zu Aangelsbiërg

**D**e 6. März war an eiser Schoul e ganz speziellen Dag, op dee mir eis ganz laang virbereet haten: d'"FIESTA DE LAS CULTURAS".

Mir haten eis Latäinamerika erausgesicht a während dem ganzen 2. Trimester hu mir un dësem Thema geschafft. Mir hu Länner a Leit kenne geléiert, hiirt Gezei, hir Gebräicher, hiirt Iessen an Drénken, hir Freedden a Problemer.

All Klass huet e sëllegechen Activitéite ronderëm d'Thema gemaach: Et gouf gesong, gemoolt, gebastelt, gedanz, gelies, Plakater entworf, sech dokumentéiert an informéiert.

An du war et esou wäit. Fir de 6. März haten sech +/- 200 Leit ugemellt, fir sech dem Theo



säin excellenten Chili con Carne an der Schoul schmaachen ze loossen. D'Famill Hieff huet Tüttelcher gebak, den Här Hoffmann vun der Organisatioun „Chiles Kinder“ huet eis en interessanten Diasvirtrag gewisen an d'Kanner aus alle Klassen hunn hir Lidder, Gedichter, Dänz an Theaterstécker virgefouert.

D'Eltervereenegung a vill Elteren hunn eis immens ënnerstëtzt, do wou grad Hëllef gebraucht gouf.

Um Enn ware mir alleguer owes zwar vill midd, mee och ganz glécklech an zefridden.

Mir konnten en Don vu 1 500 Euro un d'ONG „Chiles Kinder“ iwerweisen an da sinn nach 1500 Euro fir eis Kolonien iwreg bliwen.

Mir denke gär un dëst gemeinsamt Fest zrëck a soen nach eng Kéier Merci all deenen, déi eis gehollef hunn an all deenen, déi eis deen Dag an d'Schoul besiche komm sinn.

Text: Edmond Haas

Fotoën: Edmond Haas & d'Famill Hermes

Iwwerschrëft: D'Kanner aus der Schoul vun Aangelsbiereg





## Sportsäit aus dem "Centre Sportif FILANO"

Plateau Birkelt / L-7633 Larochette

E-mail: [filano@pt.lu](mailto:filano@pt.lu) / Tél: 26 87 10

Fax: 26 87 10 051

Informationen iwwert d'Aktivitéiten an onser Häl an déi respektiv Uspriechpartner

Veräin	Aktivitéit	Uspriechpartner	Tel.	Training
Amiperas	Turnen	Kohn Erica	320320	Freides 17:00 - 18:30
A.S. Rupensia Larochette	Fussball	Silveira Filipe	26870609	Beim Klub nofroen
B.B.C. Arantia	Basketball	Weiler Pol	879358	Beim Klub nofroen
Sportkommissioun Noumer	Verschidden Haalesportarten	Schmitz Fränk	021 139303	Freides 20:00 - 22:00
DT Fiels/Iernzen	Dëschtennis	Weis Romain	021 773201	Beim Klub nofroen
Elterenvereenegungen	Vakanzaktivitéiten	Brosius Georges	268710	Schoulvakanz Aug. - Sept.
Enseignants	Badminton	Ecole primaire Angelsberg	325765	Meïndes 17:00 - 18:00
Entente Feschbech	Badminton	Brosius Georges	268710	Meïndes 18:30 - 20:00
Entente Feschbech	Fussball	Wirtz Roger	021 131610	Meïndes 20:00 - 22:30
F.C. Noumer	Fussball	Gillen Richard	858644	Beim Klub nofroen
Lasep	Verscdhidden Haalesportarten	Schenten Marianne	87800533	Dënsdes 13:30 - 15:30
Sportkommissioun Noumer	Kannerturnen	Everad-Kinn Sylvie	859428	Dënsdes 16:00 - 17:00
Sportkommissioun Noumer	Step Aerobic	Schmitz Viviane	858198	Mëttwochs 19:30
Taekwondo Larochette	Taekwondo	Dicken Romain	021 256046	Beim Klub nofroen
-----	Nordicwalking	Braun Bob	091 485 868	I nfo: Braun Bob

Trainingszeiten kënnen éventuell änneren!!!

Fir weider I nformation kënt der I ech och un de Georges Brosius, Hausmeeschter an onser Sporthäl, wenden.

**G** **E**s war am Samstag, dem 2. April als der diesjährige Naturputz anstand. Wie jedes Jahr hatten sich umweltbewusste Einwohner unserer Gemeinde zusammengefunden um die Natur vom Dreck arglos wegwerfender Zeitgenossen zu befreien.

**R** Nach Aussagen von Helfern wurden sehr viele Flaschen und Kartons einer Biermarke an den Strassenrändern gefunden. SuperBock heisst die Marke, ein portugiesisches Bier, wobei ich bei der Gelegenheit einen Aufruf an unsere portugiesischen Mitbürger machen möchte, und Sie bitten schonender mit unserer Natur umzugehen.

**O** Vorweg sei gesagt, dass das positivste an diesem sonnigen Nachmittag, das Wetter war, und dass sich immer mehr junge Menschen an der "Grouss Botz" beteiligen.

**U** Ihnen gehört die Zukunft, und mit ihr eine saubere Umwelt. Es genügt nicht, den Kindern in den Schulen das Lesen und Schreiben beizubringen, sondern auch sollten sie lernen respektvoll mit ihrer Umwelt umzugehen. Lernen um sich seinen Lebensunterhalt zu verdienen ist die eine Sache, lernen mit einer gesunden Natur zu leben, eine andere.

**S** Von nichts kommt nichts, und so sollte das Lehrpersonal es sich zur Pflicht machen, den Kindern den Wert einer intakten Umwelt zu vermitteln, um sie so empfänglich zu machen, mit derselben im gegenseitigen Respekt umzugehen.

**S** Auch die Menschen die nach uns kommen, sollten sich an einer freien und intakten Natur erfreuen dürfen. Wenn es diese nicht mehr gibt, gibt es auch kein Leben mehr auf unserer Erde, dann hat es der Mensch geschafft, seine Erde zu zerstören.

Foto und Text: Ren Spautz

**B**  
**O**  
**T**  
**Z**





# D'Veräiner aus

## Gaard an Heem Gemeng Fëschbech

An der Veräinsgeschichte vun der Fëschber Gemeng gëtt et nieft villen aneren ganz secher och dee memorablen Datum vum 25. Mäerz 1962.

Et war d'Grënnungsversammlung vu Gaart an Heem Fëschbech - Schouss. Dat war den 1. offiziellen Numm. 40 Leit waren dee Mëtteg präsent an den 1. Comité gouf gewielt.

President: Koedinger Marcel, ee Berufsgäertner ; Sekretär: Weis Michel, den deemolegen Schoulmeeschter; Caissier: Langers J.P., Gemeindebeamten. Memberen: Madame Schmartz-Gansen vu Weyer, Hausfra; Madame Mia Turmes-Goedert vu Schouss, Hausfra; H. Antoine Bidingen vu Fëschbech, Gärtner um Schlass; H. Jos. Petges vu Schouss, Staatscantonnier. Un si sief vun hei aus an Éieren erënnert

Dee Mëtteg vun der Grënnungsversammlung ass och e Bréif un d'Generalsekretariat vun der Ligue opgesat ginn fir an de Landesverband vun de Klenggärtner opgeholl ze ginn.

Sou sinn d'Joren komm a gaang an d'Aktivitéiten ware meeschtens Comitéversammlungen, d'Generalversammlung, Versammlungen mat Referater iwwer Fachthemen aus dem Gaardebau, Mammendagfeier, de Joeresausflug an eng schéin Niklosfeier an deenen éischte Joren.

Am Joer 1968 war et dunn t'Démissioun vum President Marcel Koedinger.

Op der Generalversammlung vun 1969 gouwen et zwee Hauptpunkten : 1.- d'Propose vun engem neie President oder enger neier Presidentin, an 2.- Virun allem d'Propose, fir och Memberen vun Angsbreg an de Veräin opzehuelen, dat war bis dohin net de Fall.

Eng proposéiert Kandidatur huet awer dunn d'Presidentschaft net ugeholl, an esou huet d'Madame Schmartz Gansen mol interimistisch d'Presidentschaft iwerholl.

A well jo bekanntlech sech näischt besser hält als wéi ee Provisorium, huet et nach bis 1973 gedauert, bis d'Madame Schmartz definitiv d'Presidentschaft iwerholl huet.

Du kouw, wéi an all Veräin, een op an of; bis et dann 1986 nees méi animéiert zougoung, et kouw nees e bësse méi Schwonk an de Betrieb.

Et koumen op ee Coup 20 nei Memberen bäi, an och de Comité huet dat Joer gewiesselt.

Déi nei Sekretärin gouf d'Madame Denise Simon-Feck vun 1986 bis 1996. Am Joer 1996 huet déi heiteg Sekretärin d'Madame Sylvie Spiwak-Lorang de Posten iwerholl.

D'Madame Marie-Renée Kolber-Gieffer huet d'Kees iwerholl vun 1986 bis 1994. Vun deem Jor un huet d'Madame Alice Trausch-Huber d'Kees gefouert bis zur Generalversammlung 2004, déi am Mäerz 2005 ofgehalen gouf.

D'Presidentschaft huet meng Weinegkeet iwerholl vun 1986 un bis haut. Vun 1986 bis 1994 waren eis Keeserevisoren d'Madame Josée Schmartz-Schütz an den H. Gaston Bissen.

Vun 1995 un bis haut sënne dat H.H. Michel Daems an Bob Domken.

Am Joer 1988 hu mir fir eng éschte Kéier eist bekannt Schluechtfest ofgehalen wat an der Zwëschenzäit seng fest Plaz am Festkalenner huet.

An 1989 gouwen d'Statuten an deem Sënn geännert, dat den definitiven Numm vum Veräin sollt GAART AN HEEM - GEMENG FËSCHBECH sënn.

Am soziale Beräich hate mir den 28. Mee 1993 zwou Scheckiwwerreechungen vu je 50.000 LUF un d'MSF an un d'Ligue R.F.

Fir komplett ze sinn : De Veräin zielt haut 85 Memberen. Am Comité sënne: Thilgen Charel, President; Lanckohr Hubert, Vizepräsident ; Sylvie Spiwak, Sekretärin; Marie Louise Haas, Caissière. Memberen: Alice Trausch, Anne Jacobsen, Christine Schirtz, Camille Kohn, Roger Simon an Paul Heinen. Keesekontrolleuren : Michel Daems an Bob Domken.

Ofschléissend eng kuerz Reflexioun iwwert de Stellegäert vu Gaart an Heem an eiser heiteger Gesellschaft : Eng Famill brauch hautdesdaags net onbedéngt d'Récolte aus hirem Gaart fir all Dag frëscht Geméis op hirem Dësch ze hunn. Déi Leit déi hei awer nach e Gaart maachen, hu ganz aner Motiver; et sënne déi, déi net nëmmen vun Natur an Ëmwelt rieden, mais déi, déi des Prinzipien selwer wëllen ëmsetzen an hire Kanner weisen wat eng gesond Natur an Ëmwelt fir eis wäert sënn. Deen neien Trend zum Bio-Produkt ass dat beschte Beispill duerfir. Doriwwer eraus ass d'Gaardenaarbecht och nach ee gesonden Ausgläich an eng Entspannung géint de Stress vum Berufsliewen.

Dir mierkt, Gaart an Heem ass ee Veräin wou et sech lount derbäi ze sënn. A wee Loscht huet matzeschaffen, villes ze verbesseren, an eventuell nei Propositione matzebringen, deen ass häerzlech wëllkomm.

Foto: Norbert Hansen / Text: Charles Thilgen

# s eiser Gemeng

## Spuerveräin en Apel fir den Duscht

Den 13. Mee 1975 ass de Spuerveräin "En Apel fir den Duscht" zu Angelsbiërg am Café "Beim Amelie" gegrënnt ginn.

Daat heescht, mir feieren dëst Joer eisen 30ten Gebuertsdaag.

Eis Grënnungsmitglieder waren deemols: Spiwak Jäng, Bissen Gast, Simon Denise, Gauditz Rolph an Zeimetz Abbes.

Bis 1996 hu mir ons Grillfester beim Amelie ofgehalen, duerno hu mir eis Zelter bei der Kiirch opgeriicht, a fir den 10. an 11. September 2005 invitéieren mir lech häerzlech an eisen neien "Centre Polyvalent" op d'Héisch.

30 Joer Spuerveräin, dat heescht 29 Grillfester mat ongeféier 206 Fierkelen, dat sinn iwwer den Daum zirka 6300 Kilo, niewend Hämmelegigoten, Côte à l'os an eng Onmass Koteletten an Thüringer, pardon mir musse se jo lo aneschtens nennen. 1978 hu mir e ganzen Ochs gegrillt.

Do derniewent hu mir awer ëmmer gudd gefeiert a schéin Réesen gemaach. Bis elo hu mir vill flott Stonnen am Veräin verbruecht, an eis Aarbecht huet eis vill Spass gemaach. Hoffentlech kënnen mir nach oft grillen an zesummen feieren mat eisen 33 Memberen, déi mir am Moment hunn. Stéisst mer un op déi nächst 30 Joer Spuerveräin.

## Spuerveräin

Eise Comité vu lénks no riets:

Kersch Marianne,

Gallo Fritz,

Bück Jean,

Kolber Roger,

Spiwak Nico,

Haas Marie-Louise,

Demoulling Susy




Gaard  
an  
Heem  
Gemeng  
Fëschbech



# Klibber

# Kanner



Wenn am Abend von Gründonnerstag die Glocken nach Rom pilgern, übernehmen die Kinder aus dem Dorfe ihre Arbeit und verkünden uns mit ihrem Klibberlärm die Früh- und Spätglocke, sowie den Ruf zur Messe. Am Ostersonntag werden die Klibberkinder für ihre Arbeit belohnt und ziehen das frohe Osterfest verkündend von Tür zur Tür.



# un

# Angsber



Fotoën: Luss Brosius

K  
A  
N  
N  
E  
R  
F  
U  
E  
S



B  
A  
L



A  
M



B  
I  
L  
D





Fotos: Thill Félix / Text: Marie-Louise Haas



# On Tour

TOSKANA: 27. März-2. April 2005

Sonntag, den 27. März

Abfahrt um 5 Uhr. Nach dem Frühstück in St. Avold ging die Fahrt weiter über Luzern nach Lugano, wo wir übernachteten. Lugano stellte den ersten Höhepunkt unseres erlebnisreichen Aufenthalts dar. Bei einer kurzen Stadtbesichtigung entdeckten wir interessante Sehenswürdigkeiten.

Montag, den 28. März

Nach dem Frühstück fuhren wir weiter nach der Römerstadt Pianca. Bei der Stadtbesichtigung sahen wir unter anderem den "Pferdeplatz", das Herz der Stadt, wo sich die Reitdenkmäler von Alessandro un Ranuccio Farnese befinden, sowie den "Gotischen Palast", eines der schönsten Rathäuser Italiens.

Am Nachmittag ging die Fahrt weiter zu unserem Urlaubsort Montecatini Terme, auch "Karlsbad Italiens" genannt, da er ein bedeutender Kurort der Toskana ist. Sehenswert ist die Piazza del Popolo, an der die moderne Kirche Santa Maria Assunta steht. Im Hotel "Ercolini e Savi" verbrachten wir die nächsten Nächte.

Dienstag, den 29. März und Mittwoch, den 30. März

An diesen beiden Tagen besichtigten wir Florenz, die unumstrittene Hauptstadt der Toskana, eine Stadt der Kunst, mit einer grossen Dichte an Gebäulichkeiten, Bildern und Skulpturen der Renaissance, ein wunderbares Ensemble, zu dem Romantik und Gotik ihren Teil beitragen.

Der Dom Santa Maria del Fiore mit dem Baptisterium, das Museum Di San Marco, die Kirche San Catarina, die Kapelle Medicee, die Piazza della Signoria, das weltliche Zentrum der Stadt mit dem Palazzo Vecchio, Ponte Vecchio mit seinen vielen Goldläden, ein Paradies für Schmuckliebhaber oder der eleganten





te Renaissancegarten Giardino di Boboli sind nur einige der zahlreichen Sehenswürdigkeiten die Florenz zu bieten hat.

Einmalig die Besichtigung der “Capella di Magi” und die “Galeria Degli Uffizi”, eine der schönsten Gemäldegalerien der Welt.

Donnerstag, den 31. März

Siena, die Stadt die im Herzen der Toskana liegt, ist ein Schmuckstück der mittelalterlichen Gotik. Siena ist eine internationale Kulturstadt mit einer 750-jährigen Universität. Den Mittelpunkt, der auf drei Hügeln angelegten terrakottafarbenen Stadt, bildet die malerische, muschelförmige “Piazza del Campo”, wo das Palio stattfindet, eine Tradition das jedes Jahr in unveränderter Form und Begeisterung abgehalten wird.

Anschliessend fuhren wir nach San Gimignano, die Stadt mit den Geschlechtertürmen. Sehenswert hier, San Agostino mit einem Freskenzyklus, die Basilika di Santa Maria assunta, sowie das Museo Civico.

Freitag, den 1. April

Letzte Etappe war Pisa. Bekannt durch den Domplatz mit dem “Schiefen Turm”. Die charakteristische Schiefelage des 55 m hohen Wahrzeichens auf dem Campo di Miracoli hat nach dem Geraderücken von 40,6 cm, nichts von seiner Attraktivität verloren. Schief bleibt er und ist laut Experten für die nächsten 300 Jahre gerettet.

Beeindruckend, die weltberühmten Sehenswürdigkeiten auf der Piazza, wie das Battistero, das Camposanto und die Kirche Santa Caterina.

Anschliessend der Besuch der wunderschönen, uralten und idyllischen Stadt Lucca.

Die Stadtmauer umschliesst ein reizvolles, historisches Stadtzentrum, mit mittelalterlichen Gassen, romantischen Kirchen und Renaissanceplätzen.

Samstag, den 2. April

Morgens um halb acht traten wir die Heimreise an.

Wunderschöne Tage in einer traumhaften Landschaft gingen zu Ende, und werden allen Teilnehmern in bester Erinnerung bleiben.

So bleibt uns und Ihnen nur das Warten auf die nächste “On Tour” des “Spuerveräin En Apel fir den Duscht vun Angelsbiarg”.





# Bogen, die Brücken tragen

Feier der Erstkommunion am 24. April  
2005 in Fischbach



Erstkommunionkinder 2005:

Christina COSTO MOTA, Angelsberg; Kevin FERRREIRA  
RODRIGUES, Angelsberg; Andy FRISCH, Angelsberg;  
Ralph HERMES, Angelsberg; Yann LEPINOIS, Schoos;  
Bill KOCH, Schoos; Martine VREHEN, Schoos.



Das Elend der Kinder unserer Welt trägt viele Gesichter: Hunger, Krankheit, Krieg, AIDS, Flüchtlingslager, harte Erwachsenenarbeit, Analphabetismus, Kinderhandel, Prostitution... Auch in unserem beschaulichen und reichen Land Luxemburg leiden Kinder Not. Bei uns trägt das Leiden der Kinder häufig den Namen „Gewalt“.

Es geht dabei vorerst nicht mal um die schamlose Brutalität, die ihnen in unzumutbaren Dosen verabreicht wird: in Fernsehprogrammen, in interaktiven Spielen oder beim Internetsurfen. Gemeint ist die seelische, körperliche und sexuelle Gewalt, deren hilflose Opfer viele Kinder schon vor der Pubertät werden: selten auf der Straße, gelegentlich in der Schule, allzu häufig dort, wo Kinder eigentlich am sichersten sein sollten, in ihren Familien.

Gemeint ist hier keineswegs der gelegentliche Klaps oder die Ohrfeige, die man wie Mutter oder Vater behaupten „sich regelrecht gesucht hat“. Wir sprechen weitaus schlimmere Haltungen und Handlungen an: Kinder beständig verhöhnen und verspotten, sie gefühlsmäßig grob vernachlässigen, sie emotional erpressen („chantage affectif“), sie wegsperren (Klo oder Keller), glimmende Zigaretten auf ihrem Körper ausdrücken, sie gegen Wände schleudern, sie mit Schlaginstrumenten (Breilöffel oder Martini) traktieren, sie sexuell missbrauchen... Die schlimmsten Horrorfilme dreht leider noch immer das Leben selber.

Gewalt verletzt den Körper und die Seele. Die Seelen („Psyche“) misshandelter Kinder werden zu öden Wüsten, in denen jedes Leben verdorrt. Gewalt wirkt sich besonders verheerend aus, wenn die Täter nahestehende und eigentlich „geliebte“ Menschen sind: Eltern, Verwandte oder „gute“ Freunde der Familie. Zumeist schaffen die Täter es, dem Opfer weiszumachen, es sei selber schuld. Mit vielen Drohungen bringen sie das Kind zum Schweigen, machen es mundtot. Die schwere Bürde wird verdrängt und belastet umso mehr.

An ihrem Fest des Glaubens, der Freude und des Teilens haben die Erstkommunionkinder unserer Gemeinde mit ihren Eltern beschlossen, die misshandelten Kinder Luxemburgs mit einzubeziehen. Die Kinder haben auf Geschenke verzichtet, Verwandte und Freunde um eine Spende für die Gesellschaft ALUPSE gebeten. Diese Vereinigung („Association luxembourgeoise pour la Prévention des Sévices à Enfants ») wurde vom bekannten Kinderarzt Roland Seligmann gegründet ; sie bietet betroffenen Kindern und deren Familien wichtige Hilfsdienste : Vorbeugung, Beratung und Therapie. Bankkonto: CCPL LU30 1111 0364 9422 0000.

Bei der Feier in der Fischbacher Pfarrkirche und beim Fest in den Familien waren somit benachteiligte und geschundene Kinder symbolisch zumindest mit zu Gast. Wenn diese lobenswerte Geste schon rein menschlich sinnvoll ist, dann wird sie umso reicher noch in der Perspektive des christlichen Glaubens. In Jesus Christus zeigt Gott sich uns allen als Herrscher der kompromisslosen Liebe und der unendlichen Güte. Er verspricht, unsere menschlichen Grenzen aufzuheben, Angst und Leiden auszulöschen, unsere bescheidenen Initiativen zu vollenden. In der Messfeier am Erstkommunionstag wurde der schillernde Regenbogen zum Zeichen der innigen Verbindung zwischen Gott und den Menschen.

Unsere Erstkommunionkinder haben Säulen mit schwingenden Bogen verbunden, die ihrerseits starke Brücken tragen Brücken des Respekts, der Gerechtigkeit und der Solidarität. Wir danken den Kindern, ihren Eltern, Familien und Freunden, Pfarrer Pit Reuter, den Lehrerinnen und Lehrern, den Katechetinnen, den Musikern und Sängern sowie allen andern, die die Kinder auf ihr Fest hin und am 24. April liebevoll begleitet haben.

Foto: Paul Provost / Text: Mill Majerus



# Christian Molitor vun Angelsbieg Hobby-Sait

Alter: 17 Joer / Gewicht: 63 Kilo / Gréisst: 172 cm /  
Hobby: Liichtathletik / Spezialdisziplin: Mëttelstercken /  
Club: Celtic Dikkerech / Charakterik: Bal ëmmer gudd  
gelaunt a gudd dropp / Palmares: Landesmeeschter  
am Cross, Championstitelen op den 800 m, 1000 m,  
1500 m, 3000 m, 2000 m Steeple.



Scho ganz fréi an der Lasep  
hunn ech gemierkt, datt ech  
gären Course laafen. Dee  
vun der Lasep organiséierten Cross  
National hunn ech all Joers  
gewonnen. Dat ass mir awer net  
duergaangen, ech wollt méi  
dacks op eng Course goen, dofir  
sin ech op Dikkerech an de Celtic  
gaangen. Dat war no der  
Allerheljewakanz 1998, an d'Cross-  
Saison war grad ugaangen. Mäin  
alleréischte Cross war zu  
Dummeldeng. A mengem  
Celtic's Tricot mat mengem  
Dossard 276 (dat ass mengem  
Brudder säi Geburtsdatum, dofir  
hun ech deen gleich gudd  
verhaalen) mat mengen



fonkelneien rouden Spikes stung ech do, a war fuerchtbar opgereecht. Ech sin den 2.ten gin,  
nëmmen 2 Sekonnen hannert dem Eischten. Et war e super Gefill um Podium ze stoen, ech war  
voll zefridden an hu mech op deen nächste Cross gefreet. Zu Bréissel dun gouf ech den 11ten,  
an Holland den 4ten. Hei am Land sinn ech ëmmer den 2ten  
ginn.



Den 21ten Februar 1999 war den Eurocross zu Dikkerech, vu  
mengem Club organiséiert. Ech hat mir fest virgeholl fir do ze  
gewannen, an dat ass mer och gelongen. Op der iewechter  
Treppchen vum Podium ass et am schéinsten an do wollt ech  
elo méi dacks stoen. Op de Cross-Championater stung ech  
erëm ganz uewen an domat war meng éischt Crosssaison  
eriwwer.

1. Summersaison op der Piste.

Mat mengem éischten Trainer Arno Kuester sin ech gudd  
eens gin. Ech hun Waitsprong, Héichsprong, Kugelstoussen,  
Speerwerfen, Hürden an och Sprinten geléiert. De Summer  
war op der Pist dee sougenannten "Challenge Tageblatt" e  
Véierkampf, daat heescht e Worf, e Sprong, e Sprint an eng  
Mettelstreckdisziplin ze maachen.

Nom sechste Schouljoer wor ech 3 Joer an der Sportlerclass am "Lycée Aline Mayrisch" an am Centre de Formation vun der Fédération vun der Leichtathletik. Dräimol an der Woch hu mir um INS oder an der Coque trainéiert.

Ech hun bal alles probéiert, och Dräisprung an Diskus, Duathlon an souguer en Triathlon. Crossduathlon am Wanter fannen ech jo ganz flott, ech fuere gären mam Mountainbike am Bësch, leider klappt dat awer net dacks mat mengem Laafprogramm.

Lues a lues hun ech gemierkt, dass

ech am léiwsten Mettelsecten (800-3000m) laafen an konzentréieren mech méi dorop.

Heiansdo laafen ech awer och 10 km. De Postlaaf z.B sin ech dëst Joer an 34.01min gelaaf, a sinn 11ten ginn.

D'lescht Joer hun ech fir d'éischt 2000m Steeple probéiert, do muss een während der Course iwwert e puer Hürden an duerch de Waassergriew, dat fannen ech och ganz flott.

Am allerléiwsten awer laafen ech Crosser, sou e bëssi Bulli hun ech ganz gären. Dës Wanter war ech och méi dacks an d'Ausland op e Cross. Zu Metz, wou ech all Joers ginn, sinn ech nach op de Podium komm, mee zu Bréissel an Hannut hun ech gemierkt dass déi belsch Konkurrenz

ganz stark ass.

Mam nationalen Championstitel am Cross an och gudd Plazéierungen am Ausland sinn ech mat menger Wintersaison ganz zefriden.

Vun der Kategorie Minimes un ass de Jhemp Ernzen mäin Trainer zu Dikerech. Hien huet mech dacks musse bremsen, well am léiwsten wär ech all Course matgelaaf déi doremmer war. Ech verstinn mech gudd mat him an hien mecht vill fir mech.

Vum leschte Joer un trainéieren ech méi haard, a versichen emmer mäin Trainingsplang, deen ech regelméisseg vu mengem Trainer kréien, konsequent duerchzezéien.

Podiumsplazen ginn och belount, ausser enger Medaille (ech soe net wéivill ech der schon hun, ech wëll hei net ugin) hun ech scho vill flott Sache kritt, z.B. Sportssäck, ech hun nach ni ee musse kaafen, eng Bolsauer, Stoppauer, Gezei an Handdicher, keng Suen awer Bongen fir an e Sportgeschäft.

Vun dësem Joer un sinn ech am Nationalkader vun der FLA.

Mäi nächst Ziel ass elo fir mech fir t'Weltmeeschterschaften vun de Cadet am Juli zu Marrakesh ze qualifizéieren. Do kann ee mir dann d'Däimercher haalen.

Meng Beschztäit op den 800m ass 1.58.59, an déi 3000m laafen ech an 8.55.40. Dat sinn awer nach 40 Honnertstel ze vill fir Marrakesh, mee bis de Juli ass et nach laang.

Fotoën: Seng Elteren / Text : Christian Molitor.





# Run for Fun-Iechternoch

**W**éi schon säit e puer Joer, wor eis Entente vun de Veräiner och dëst Joer erem op Christi Himmelfahrt zu Iechternach beim Run for Fun am Asaatz. Dëst ass een 10 km Laaf rondrem de Séi mat e puer honnert Leefer organiséiert vun den Road Runners Iechternoch. Zenter e puer Joer versuergt eis Entente, och hei grad wie um Marathon, dei hongreg Leefer an Zuschauer mat Gegrills, Fritten wei och mat Kaffi an Eisekuchen. Mëttlerweil huet sech heifir schon eng richtig Catering-Equipe entweckelt, déi schon oft fir hiren reiwungslosen Oflaaf bewonnert a gelueft gouf.

Ech well awer och nach eng Kéier drun erënneren, datt bei dësen Aktivitéiten all Hëllef wëllkomm ass. Leit déi wëllen mat upacken sin gäer gesinn an et ass bestëmmt kee rosen wann emol déi eng oder aaner Kéier géif ofgeléist ginn.

Op dëser Plaaz sief all dësen onermiddlechen „Arbechter“ nach eng Kéier e groussen Merci gesoot fir hiren Asaatz am Numm vun der Entente an all de Veräiner aus eiser Gemeng, déi jo all heivun profitéieren, well den Verdingscht vun dësen Manifestatiounen a Material fir an eisen neien Centre Polyvalent investéiert gëtt.

Text a Fotoën: Mike Daems



# Des Rätsels Lösung!

**D**er glückliche Gewinner aus "Blat 10" war diesmal Herr Kohn Camille aus Fischbach.

Die Lösung des Rätsels war nicht einfach zu finden, wie er sich ausdrückte, aber zu einfach sollte es ja auch nicht sein, winken dem Sieger doch 125 Euro.

Am morgen des 16. April bekam Herr Kohn aus den Händen von Frau Vrehen den Scheck überreicht.



Der Preis des jetztigen Rätsels wurde uns freundlicherweise von Herrn Claude Royer, seines Zeichens Mitbesitzer der Versicherungsagentur Claude Royer & Marc Gilson aus Mersch zur Verfügung gestellt.



Auf dem Foto sehen sie sitzend, Claude Royer, stehend von links nach rechts, Partner Marc Gilson und die beiden Mitarbeiter Jos. Elcheroth und Viviane Royer. Zu erreichen ist die Le Foyer-Agentur unter der Telefonnummer: 32 60 19-1.



Hier nun die Fragen: Wo befindet dieses in Fels eingefasste Wegekreuz?

Die zweite Frage lautet: Wo steht dieser von der Zeit arg gebeutelte Anhänger?

Keine leichte Fragen, doch wer mit offenen Augen durch die Natur geht, für den ist dies kein Ding der Unmöglichkeit.



Mitmachen darf jeder Einwohner unserer Gemeinde. Die richtige Lösung auf eine Postkarte schreiben, Name und Adresse nicht vergessen, und das Ganze bis zum 15. September 2005 an folgende Adresse senden:

Des Rätsels Lösung  
Commune de Fischbach  
1, rue de l'Eglise  
L-7430 Fischbach



Hall  
Polyvalent  
Bauphase  
Januar-  
Juni  
2005

# Eische Mee bei de Wiichtelcher



**Z**anter d'Wiichtelcher bestinn ass et all Joer de Brauch, datt den éische Mee vun de Memberen e Meekranz gebonnne gëtt.

Esou wor et och dëst Joer. No a no ass ee Wiichtelchen nom aaneren agedrëppst, a géint halwer ielef sinn se dunn an de Bësch gaangen an hun mam Meekranz ugefaang. D'Beem stounge schon's dëck am Laaf, a geschwënn waren der dräi fäerdeg.

Mëttes hu mir dun alleguerten zesummen op der Spillplaz zu Schous ënnert deem schéine Baam eng säfteg Spaghetti giess. Och daat ass Traditioun. Zanter Joren verwinnt d'Anne Jacobsen eis domaden.

Am fréien Nomëtteg hu sech nach e puer Pilger, déi awer och trei Wiichtelcher sinn, no dem Pilgerwee an der Oktavemass bei eis afond.

Well esou wonnerbar Wieder wor, wollt einfach keen Heem goen, an Owes wéi den Hunger sech erëm gemellt huet, goufen nach e puer gudd Maufelen gegrillt.

D'Kanner haaten de ganzen Daag vill Freed, déi jonk an déi manner jonk hu Spiichten erzielt, an et gouf vill gelaacht.

Jiddereen, dee wëll bei eis matmaachen, an esou flott Momenter an eiser Gemeng erliewen ass häerzlech invitéiert, sech bei eisem Präsidant, dem Pol Brosius ze mellen.


P.S.: Mir invitéieren Iech elo schon's op eisen Trëppeltour am Summer, an op eise Beaujolais-Owend am November, bis dann....

Text: Marianne Brosius-Kolber





# Elterenvereinigung Spill- a Primärschoul Gemeng Fëschbech



## Aktivitätsbericht vum Joër 2004-2005

D'lescht Joër war eis Generalversammlung den 2. Abrëll 2004

Eis Aktivitéiten vum leschte Joër:

Am Abrëll ware mir bei der grousser Botz an deenen drei Dierfer derbei, an et hun vill Kanner mat grousssem Eifer matgemach.

An der Päschtvakanz waren mir mat de Kanner op d'Velos-Pist zu Pëtten a sin bis op Kolmer-Bierg gefuer. Et sin vill Kanner mat goussem Engagement mat gefuer.

Dei nächst Aktivitéit ass schon eng traditionell Sach, an zwar d'Hecken bei der Schoul botzen. Wou mir ëmmer op d'Ennerstëtzung vum Léierpersonal an den Elteren kënnen zielen. Um 12 Auer hun mir de Grill ungemach an een gudde Maufel zerwéiert.

Zur Verschéinerung vum Schoulhaff.

Wéi der et schons gesinn hutt, ass am Schoulhaff dei nei Bänk ugestrach gin.

Déi ass vum Léierpersonal an de Kanner während 4 Nomëtteger ugestrach gin.

Den 10. Juli 2004 war Kannerfest bei der Schoul.

Um 10 Auer gong et lass, och dëst Joër haten mir Ennerstëtzung vum Léierpersonal, déi matt de Kanner mam Velo gefuer sin an dat bis op Blaschent wou mir mam Mettechissen um Rendez-vous waren.

Um 17 Auer war eisen traditionellen Fussballmatch Kanner-Elteren.

An der eischer Woch vun der Grousser Vakanz hun mir mat de Kanner de Wurm bei der Spillschoul gemolt.


Och dëst Joër waren 4 Sportsnomëtteger an der Hall "FILANO".

Do hun 213 Kanner matt gemaach, dofunner waren 35 Kanner aus der Gemeng Fëschbech derbei. Dee leschte Freideg, huet all Kand sein Diplom kritt, an dat mat engem klengem Maufel. Camp zu Munzen an der Robbesschéier vum 6-8 September

27 Kanner mat 4 Erwuessenner waren hei dobäi.

Méindes mueres sin mir mam Zuch vun Miersch op Drauffelt gefuer, vun do aus zu Fouss op Munzen. Gepäck hun mir mat 3 Autoen doroher gefouert.

No dem Aquartéieren gong et och direkt lass: 9 Aktivitéiten hun am ganzen op d'Kanner gewaart: Kutschfueren, Eesel reiden, Grompern raafen, Beien, Kerzen, Keramikatelier. Am Baackatelier sin Äppeltäschen gebaack gin. Nierwt dem Musee, wou sie kuken waren, hun sie och eng richtig Wassermillen besichtegt.



D'Atelieren sin parallell gelaf, jeweils mat Léit vun Munzen an engem oder 2 Léit vun der Elterenvereenegung.

Een groussen Luxus war d'lessen, well mir sin emmer an hiren Restaurant gaangen, wou emmer een gudden Menu op eis gewaart huet.

Och de Chalet, wou mir geschloof hun, war wirklech flott, an d'Kanner hun gudd geschloof.

D'Elteren koumme den 8. September hir Kanner no 5. Auer op Munzen sichen.

Am Hierscht waren mir mat de Kanner op Noumer de Kannerthéater kucken.

Sonndes den 21.11.04 waren mir op de „WALFER BICHERDEEG“

Am Dezember war Kino ugesoot, mee well Moies Schnei gefall ass, hu mir emgeplankt, a sin all mam Schlitt gefuer.

Am Januar war an der Hall „Filano“ een Kannerfussballtournéier vun den Fräizäitsportler aus der Entente Fäschbech organiséiert. Do waren mir matt de Kanner natierlech och derbei, an dat huet hinnen ganz gutt gefall.

Döst waren eis Aktivitéiten vun leschten Joer mat de Kanner.

Dernierwent hat de Comite och nach e puer aner Aktivitéiten.

Mir haten am Laaf vum Joer 12 Comités Versammlungen, dernierwt haten mir och nach Versammlungen, siew et mam Léierpersonal fir d'Verschéinerung vum Schoulhaff, oder mat den Elterenvereenegungen aus der Fiels an Noumer fir d'Summeraktivitéiten virzebereden. Zu Echternach um Séi ware mir och derbei.

Mir hun dem Léierpersonal bei hirem Fest de 6 März gehollef.

Mir haten awer och een Keelenowend fir de Comite mat hire Partener organiseiert. Jiidereen huet selwer bezuelt.

Döst Joer ass Folgendes virgesin:

Grouss Botz an der Gemeng den 03.04.05

Hecken botzen beim Schoulhaf den 09.04.05

An der Päischtvakanz gin mir mat de Kanner mam Velo fueren.

Eisen Dagesausflug ass den 11.06.05

D'Kannerfest bei der Schoul den 09.07.05

D'Summeraktiviteiten an der Sportshal.

Mir machen Viz mat de Kanner den 8.10.05

Fir Halloween gët mat Kalbassen geschafft den 29.10.05

Am November gin mir erem op Noumer Theater kucken

Mir gin och döst Joer op d' Walfer Bicherdeeg

Am Dezember gin mir an de Kino oder mam Schlitt fueren



Fotoën: Brosius Georges / Text: Valérie Weis-Bruno





# En neit Buch

**I**wwer d'Krichserënnerungen 1940 bis 1945 vun eisem Matbierger dem Jos. Turmes vu Schous.

60 Joer as den 2ten Weltkrich eriwwer. Uechtert d'Welt, an och heiheem gouv dorun erënnert.

A besonnesch heiheem, wou de Misère, deen den Naziregime ugeriicht huet ganz grouss war gouf vill iwwert déi Zäit geschwat a geschriwwen. An dat as gutt a richtig esou, well déi Zäit duerf net an de Vergiess kommen.

An no de Wieder vun engem ganz gescheite Mann verdéngt ee Vollek, wat sech net erënnert, seng Zukunft net.

*An duerfir si mir houffreg an eiser Gemenge e Buchauteur wunnen ze hunn, deen déi Evenementer beschreiw, déi vläicht net esou bekannt sin:*

D'Liewen vun de sougenannten „BUNKERJONGEN“.

Wéi den 30. August 1942 d'Nazien ordonnéiert hunn fir d'Lëtzebuerger Jongen an d'Wehrmacht ze zwéngen stongen si virun der Wiel: entweder Wehrmacht oder Ënnergrond.

An een vun deene „Bunkerjongen“ an Buchauteur as den Här Jos Turmes vu Schous.

D'Buch heescht: D'JUGEND gouf eis gestuel.

Hei erzielt deen deemols 17-jähregen Jos. Turmes vu Knapphouschend seng Erliwnesser aus de Joeren 1940 bis 1945.

Säi Misère goung un wéi hien am Mee 1943 an den „Arbeitsdienst“ huet misse goen.

Am Oktober 1943 gouv hie gewuer, datt seng Famill aus dem Heemechtshaus ëmgesiedelt géif. Dat war fir hien den Entschluss fir ënnerzedauchen.

Vun elo un huet de Jos. Turmes am Ënnergrond geliewt: 6 Méint bei enger Famill op engem Bauerenhaff a 5 Méint an engem selwer gebaute Bunker, an dat bis zum 10. September 1944, den onvergesslechen Dag vun der Befreiung durch d'Amerikaner.

An hei as de Moment komm, wou Dir d'Buch selwer musst liesen fir ze wëssen a wéi enger Gefor an Ongewëssheet „d'Bunkerjongen“ gelieft hun.

T'as ee Buch, wat an all Lëtzebuerger Haus gehéiert.

Et as entstan no den Erënnerungen vum Jos Turmes an ënnert der Régie vum Emile Schlessen.

D'Buch huet 112 Säiten a ronn 90 Photoen.

Et kritt en ët am Buchhandel oder portofräi geliwwert no der Iwwerweisung vun 19 Euro op de Konto:

LU67 1111 1352 7052 7929 0000 (Emile Schlessen)

ISBN: 2-87996-792-9

Beim Kaf vun dësem Buch sën allkéiers 4 Euro fir d'Blannenheem vu Bierschbech.

Text: Charles Thilgen

